N°4119
Entrée le 21.05.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 22.05.2026
Chambre des Députés

LSAP

Här Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 20. Mee 2026

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit weiderzeleeden.

No den Attacken am Februar, goufe rezent nach eng Kéier Källwer am Norde vum Land vun engem Wollef gerass. Obwuel et Entschiedegunge fir Ugrëff duerch d'Wëllef a Subventioune fir Preventiounsmoossname gëtt, beonrouegt de Virfall d'Baueren an der betraffener Géigend.

Laut dem Aktiouns- a Gestiounsplang fir den Ëmgang mat Wëllef zu Lëtzebuerg, kënnen 81% vun de Schied duerch passend Preventiounsmoossname verhënnert ginn. Gläichzäiteg ënnersträicht de Plang déi méiglech positiv Auswierkunge vum Wollef op d'Bëscher an d'Wichtegkeet, e kloert Zesummeliewen tëscht Wollef a Mënsch ze definéieren.

An deem Kontext géinge mir dem Här Minister follgend Froe stellen:

- Wéi gëtt séchergestallt, datt soubal e Wollef hei am Land nogewise gëtt, dëse konsequent iwwerwaacht gëtt?
- Wéi vill Attacke vu Wëllef goufen et säit 2017? An a wéi vill Fäll gouf eng Entschiedegung ugefrot an ausbezuelt?
- Wéi laang hunn déi betraffe Baueren am Schnëtt op d'Entschiedegung gewaart?
- Ass den aktuelle Kader vun Entschiedegungen, Subventiounen adequat fir all d'Verloschter, och indirekt Käschten a Preventiounsmoossnamen, ofzedecken?
- Ass den Aktiouns- a Gestiounsplang fir den Ëmgang mat Wëllef zu Lëtzebuerg aus dem Joer 2017 nach ëmmer aktuell, oder muss en ugepasst ginn?
- Wat fir Diskussiounen a Moossname goufen zënter der leschter confirméierter Attack vun engem Wollef am Februar, gefouert, bezéiungsweis geholl?

Mat déiwem Respekt

Ben Polidori
Deputéierten

Claire Delcourt
Deputéiert

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu